PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/02/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Sport weiderzeleeden.**

De Legislateur kennt verschidde Forme vu spezielle Congéeën, dorënner ënnert anerem de Congé jeunesse an de Congé sportif. Wärend de Congé sportif all Athlet, Arbitter a Verbandsfonctionär am Sport, deen zu Lëtzebuerg affiliéiert ass, zur Verfügung steet – onofhängeg vum Land an deem en effektiv schafft –, ginn zu Lëtzebuerg affiliéiert Animateuren aus dem Jugendberäich vum Congé jeunesse ausgeschloss, wann se am Ausland schaffen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Wéi vill Persounen (opgeschlësselt no Joer) hunn an de leschten 10 Joer vum Congé jeunesse profitéiert a wéi vill vum Congé sportif? Wéi vill Deeg Congé goufen an der Moyenne jeeweils geholl?
- Wéi vill Prozent vun den Demandë fir de Congé sportif goufe vu Persounen, déi am Ausland schaffen, deposéiert an ugeholl? Wéi vill Prozent vun den accordéierte Congésdeeg ginn op Persounen, déi am Ausland schaffen, zeréck?
- Ass d'Regierung der Meenung, datt een de Benevolat an d'Associatioune weider stäerke kéint, andeems een de congé jeunesse och op Salariéen, déi am Ausland schaffen, auswäite géif?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député